



Dem Jippchen seng jonk Joren

De Jippchen huet net grad alles matkritt vun deem, wat den Inspekter mam Schoulmeeschter op franséisch getuschelt huet. Eent krut e mat: 't goug em hien, a wedder de Schoulmeeschter, nach den Inspekter war begeeschtert, datt hien nom siwente Schouljoer sollt an d'Belsch bei d'Patere goen. Se hunn och vun senger Mamm geschwat, an de Schoulmeeschter huet dobäi d'Schëllere gezunn.

't war net dem Jippchen seng Iddi gewiescht; mol senger Mamm hir net, 't war der Meeschfra hir. Dem Jippchen seng Mamm huet d'Meeschfra ni anescht wéi „d'Meeschmadame genannt“, well „a Meesch“, dat war en décke Bauerenhaff, an do huet de Jippchen no der Schoul an an der grousser Vakanz d'Kéi gehutt. D'Meeschfra war eng ganz fromm; si hat hire samette Bietstull an der éischer Rei um Ducksall, an se hat e Paschtouer an der Famill. Eng Kéier sot se zum Jippchen senger Mamm: „Elis, du muss de Jippchen onbedéngt op Cinq-Epis bei d'Pateren doen. Eisen Här seet, dat wir eng ganz gutt Schoul, an de Jippche gët bestëmmt Geeschtlech. Wat wier dat eng Eier fir d'Duerf, Elis!“

Dat war 1950 „d'Orientation scolaire“ fir de Jippchen, well sou schéin hat nach kee mat senger Mamm geschwat. Cinq-Epis war deier, an dem Jippchen sai Papp war nëmme Steemetzer. Mä de Jippchen huet den Opnahmeexame gepackt, an d'Mamm ass téscht Metzler an Epicerie vun Houfert bal gebascht. An hirer Famill hat nach ni ee stodéiert, an am Jippchen sengem Papp senger och net.

Nach en aneren ass bal gebascht: de Paschtouer aus dem Duerf. Sonndes, nodeems de Jippchen den Exame bestanen hat, huet de Paschtouer dem Massendénger Jippchen an der Sakristei eng geprafft, datt deen d'Stäre gesinn huet. Wat hie fir en Tuppi hätt, huet deen am Sürpli gebillt, an de Jippchen huet näischt verstanen, well hien hat dat Wuert „Tuppi“ nach ni héieren. „Dee konnt déi kleng Leit nach ni ausstoen“, huet de Papp doheem gegrommelt, an dat war alles. De Papp hat awer recht, well e puer Joer méi spéit krut de Jippchen dat nach eng Kéier ze spieren.

Hie war vun doheem aus gutt erzunn, 1950 war en hellegt Joer, an hien huet näischt derbäi fonnt, datt zu Cinq-Epis scho mueres em halwer siwen d'Mass, duerno Silenz bis nom Kaffi war, an datt all Owes an där grousser „Etude“, no den Hausaufgaben an dem Léiere fir deen anere Mueren, de Rousekranz gebiet gouf; een Dag op franséisch, deen aneren Dag op Latäin. Sonndes mueres waren zwou Massen, nomëttes eng Vesper an owes eng Andacht, a virun der Andacht ass de Rousekranz nawell gebiet ginn. No e puer Wochen hat de Jippchen sou en Houf op de Knéien, datt hien hätt kënne stonnelaang an der Kierchebänk, op der Kommiounbänk oder am Beichtstull setzen.

Nieft dem Latäin an dem Griicheschen an zéng anere Fächer huet hien och geléiert Harmonium spillen. An de Joren duerno huet en souguer an der Vakanz doheem dem Paschtouer d'schwarz Massen op der Uergel gespillt; well wäertes jo keen Organist do war. De Paschtouer

war eng Grëtz méi frëndlech ginn, mä 1956, matzen am zweeten Trimester, wéi de Jippchen enges Mueres just d'Requiemsmass gespillt hat, kouw de Paschtouer rop op den Ducksall gekäicht an huet de Jippchen vun der Uergel rof gedämpft. De Jippche wier jo guer net méi zu Cinq-Epis, an eng verkraachten Existenz bräicht heiheem och keng Uergel ze spillen. D'Mamm war doudonglécklech, well de Jippchen elo méi wéi sécher ni méi Pater géif, an de Papp war spannebéis. „'t war d'Geld an den Dreck gehäit“ huet e geroost. D'Mamm wollt zéngmol am Dag wëssen: „Firwat, Jippchen?“ De Jippchen hätt jo kënnen aus der Schoul schwätzen, mä 't hätt souwisou keen him eppes gegleeft.

Wéi gescheit et war, fir demools an eng belsch Schoul ze goen, dat huet hie réischt kapéiert, wéi se him am Stater Kolléisch gesot hunn, hie kënnt lo net einfach an der Stad op Troisième viru fueren, well dee belsche „Passage“ wier heiheem net unerkannt; hie misst nach eng Kéier op Quatrième ufänken. „Gesäis de“, huet de Papp owes d'Mamm vernannt, „dat hues de där Meeschquisel ze verdanken!“

Fir de Jippchen waren d'Wierfele gefall, hie goug eericht bei d'Zaldoten op den Häreberg. Do war hie kee Student méi, mä en lesel, e Rëndvéi, en Hornochs, e liddrege Sak, eng Panz, e Moustuckert an nach e puer aner Gestalten aus dem Repertoire, deen d'Enneroffizéier mat aus der Wehrmacht bruecht haten. „Ech ginn awer och kee Flic a keen Douanier“, sot de Jippchen e puer Méint méi spéit zum Papp, an d'Mamm

huet alt nees gekrasch. Mä knapps ier déi zwielf Méint Häreberg ëm waren, sot si zum Jippchen: „Ech hu mam Här Stensel geschwat, se huelen dech op der Fabrëck. Géi dech virstellen, well du gëss lo ni méi eppes Besseres.“

„Op der Fabrëck“, dat war an der Eisegéisererei um Nopeschduerf, an 't gouf dem Jippchen seng éischt Aarbechtsplaz: den Akaf, e klenge Büro, deen hie mat engem klenge Männche gedeelt huet; e klenge Männchen, dee vu mueres bis owes Zigarette gefëmmt huet.

De Jippchen hat lo nonzëng Joer an huet seng éischt Sue verdéngt. 't waren der net vill, mä „sief es zefridden“, sot de Papp, „eng besser Plaz kriss de keng ouni Schoulofschloss“. 't war dem Jippchen zimlech egal, well d'Mamm huet him d'Pai souwisou ofgeholl. Se huet him sonndes zweehonnert Frang ginn; fir d'ganz Woch. „Dat ass esou“, sot si; „wann s de groussjäreg bass, da kanns de deng Pai halen, mä da bezills de mer awer d'Wäsch an de Kascht.“

Hien hat keen Auto; ëm 1957 hat kee jonke Kärele aus dem Duerf en Auto. Samschdes ass hien an d'Duerf op déi Keelebunn Keele spille

de Meedercher hir Eltere souzen ni méi wéi zwee, dräi Meter vun der Danzpist ewech. Em aacht Auer huet ee schonn nees missen op d'Bëlleger Gare trëppeln, well véierel op ass dee leschten Zuch gefuer, deen doheem nach gehalen huet.

Elo sinn ech groussjäreg, duecht de Jippchen 1959, an ech hunn nach ëmmer keng Freiesch. Beim Militär hunn s'alleguerten ëmmer déck geschnësst, mä wann s'owes vum Häreberg rof an Dikrech gaange sinn, dann hunn s'a véier, fënnf Wiertschafte vill Béier gedronk, an dat war et och schonns. Zu Bëlleg oder op der Kiermes doheem ass och ni eppes geschitt.

Mä lo, 1959 koum dofir alles beieneen, an dat nawell knëppelhaart: De Jippchen gouf fir dräi Wochen an de Manöver an der Champagne rappeléiert. An do huet eng franséisch Serweise sech de Jippchen giedlech op d'Long gezunn. D'Françoise war bestuet, säi Mann war Enneroffizier, mä wäit wech an der Algérie. De Jippchen souz all Owend an deem Bistrot, wou hatt zervéiert huet, huet d'Museksbox gefiddert an sou dacks mam Françoise Tango gedantz, wéi et

tëschenduerch nëmme gaangen as. No Feierowend huet en dobaussen op hatt gewaart, an hatt huet hie mat heem geschleeft. 't war e butzeg klengt Haischen um Enn vu Sissonne, ënnert dem Bett louch e grouse schwaarzen Hond, mä deen huet keng Oder am Leif gerouert, wann d'Fatze geflu sinn. Réischt spët an der Nuecht huet de Jippchen sech „heem“ an d'Kasär geschleeft. Déi hat genuch Lächer, wou ee konnt raschlaufen.

Wéi en heem koum, huet d'Mamm him an aller Opreegong verzielt, de Paschtouer séiz am Prisong wéinst enger Affär mat e puer Massendénger. Wat dat fir eng Welt wier, huet se lamentéiert, mä de Jippchen huet zréckuetesch geduecht an net vill geäntwert. En huet senger Mamm mol net gesot, datt en op der Fabrëck gekënnegt hätt. Iwwerem Pake sot e just, hien hätt zu Esch eng aner Plaz an och en Zëmmer. Datt hien e Kredit vun 20.000 Frang opgeholl hat fir en Occasionsauto ze kafen, sot en net, well seng Mamm hätt e Schlag kritzt. An hirer Famill war ni, ni Schold gemaach ginn.

Josy Braun



Norbert Ketter, 1961



gaangen, wou en zëng Joer virdrun d'Keelen operiicht huet. Sonndes mëttes ass e mat e puer aneren aus dem Duerf mam Zuch op Bëlleg „bei de Musik“, bei den Hengen a bei den Zimmerdanze gefuer. De sonndesse Kostüm un a Brillantine op d'Hoer, a schonns konnt ee beim Tango, ënnert de Spigele vun der Tangoskugel d'Meedercher eng Grëtz méi fest ëm d'Taille huele wéi néideg. Frech konnt ee souwisou net ginn, well